N° 5654
Reçue le 02.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.02.2022

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir ëffentlech Baute weiderzeleeden.

2007 huet den Nordstad-Lycée (NOSL) seng Dieren an engem Container-Gebai zu Dikrech opgemaach. D'Containere sollte just e Provisorium sinn. Mee haut, 15 Joer méi spéit, sëtzen d'Schüler nach ëmmer a Containeren, op 3 verschiddene Plazen.

De Gesetzprojet 7657 fir de Bau vum Nordstad-Lycée zu Ierpeldeng-un-der-Sauer gouf den 19. Januar 2021 vun der Chamber gestëmmt. Déi entspriechend Terraine sinn awer nach net am Besëtz vum Staat. Laut engem Zeitungsartikel vum 29. Januar 2022 wieren d'Propriétaire bereet ze verkafen, awer zu engem ugemoossene Präis. Dës Fuerderung gëtt vu Säite vum Schäfferot ënnerstëtzt.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir ëffentlech Baute stellen :

- A wéi engem Mooss ass den Här Minister bereet, op d'Fuerderung vun de Propriétaire vun den Terrainen anzegoen an iwwer de Präis ze diskutéieren?
- Plangt den Här Minister, am Extreemfall eng Enteegnungsprozedur ze declenchéieren, wëssend dass déi duerch d'„Utilité publique" vum Projet méi einfach duerchzesetze wier?
- Wa jo, wéini an zu wéi engem Präis?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

N° 5654
Reçue le 08.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an der Madamm Yuriko Backes, Finanzministesch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5654 vum 2. Februar 2022 vun der honorabeler Deputéierten Martine Hansen betreffend dem Sujet « Acquisition des terrains nécessaires pour la construction du Nordstad-Lycée »**

**1. Fro : A wéi engem Mooss ass den Här Minister bereet, op d'Fuerderung vun de Propriétaire vun den Terrainen anzegoen an iwwer de Präis ze diskutéieren?**

No éischten Negociatiounen mat de Proprietairë vun den Terrainen am Joer 2015, déi ouni Accord bliwwen sinn, ass mëttlerweil eng adaptéiert Offer un d'Propriétairen geschéckt ginn. Dës Offer ass weesentlech méi héich wéi déi, déi 2015 an den éischten Negociatiounen proposéiert gouf an spigelt nieft der Präisevolutioun vun den Terrainen och d'Bereetschaft rëm op d'Fuerderungen vu de Proprietairë anzegoen

**2. Fro: Plangt den Här Minister, am Extreemfall eng Enteegnungsprozedur ze declenchéieren, wëssend dass déi duerch d'„Utilité publique" vum Projet méi einfach duerchzesetze wier?**

Eng Enteegnungsprozedur kann am Extreemfall net augeschloss ginn, awer nëmmen dann wa keen Accord mat de Proprietairë ka fonnt ginn. Et besteet aktuell nach d'Hoffnung, dass een sech op Basis vun der adaptéierter Offer kann eens ginn mat de Proprietairë, an esou eng Enteegnungsprozedur net muss a Betruecht geholl ginn.

Den Artikel 16 vun eiser Constitutioun gesäit vir dass d'«Utilité publique » deen eenzege Grond fir eng Enteegnung duerstellt[1]. D'«Utilité publique» vereinfacht also net eng Enteegnungsprozedur, mee stellt d'Konditioun fir hir Legitimitéit duer.

**3. Fro: Wa jo, wéini an zu wéi engem Präis?**

Wéi schonn erwäänt, gëtt eng Enteegnungsprozedur eréischt considéréiert am Fall wou en Accord mat de Proprietairë net fonnt ka ginn.

Wichteg ass et ze erwänen, datt een doriwwer eraus och wärend deenen éischten Etappen, déi als Virbereedung op déi eigentlech Enteegnungsprozedur virum Bezierksgeriicht gëllen, nach zu all Moment zu engem Accord komme kéint an esou d'Prozedur erëm kéint fale gelooss ginn.

De Präis géif am Fall vun enger Enteegnungsprozedur vum Geriicht festgeluecht ginn, nodeems dëst eng Expertise ugefuerdert huet.

[1] Art. 16. *: « Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière établis par la loi. »*

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch